LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Département de l'environnement

Luxembourg, le 17 JUIL. 2017

ENTRÉE
18. JUIL 2016
COPIE Blanche

Mouvement Ecologique
Madame Blanche Weber
6, rue Vauban
L-2663 Luxembourg

N/Réf : 002022
Dossier suivi par : Philippe Peters
Tél. : 247 86827
E-mail : philippe.peters@mev.etat.lu

Objet: Courrier vum 26.6.2017 – Annexe I Habitater & PAG

Madame Presidentin,

An Ärem Bréif frot Dir op de Ministère eng Bestandsopnam huet vun Arealer déi groussflächeg Habitater vun der Annexe I vun der Habitatdirektiv opweisen an déi am PAG als bebaubar ausgewise sinn. Gläichzäiteg frot Dir wéi déi Situatioun juristesch ze bewäerten ass.

Wéi Dir wësst huet de Ministère e Biotopkadaster erstallt fir d'Biotoper, dorënner och déi genannten Annexe I-Habitater am Offeland, ze kartéieren. Innerhalb vum Bauperimeter gëtt dës Kartéierung am Kader vun der Étude préparatoire gemaach déi all Gemeng fir d'Refonte vum PAG muss opstellen. Heizou gouf eng Kartéierungsmethod verëffentlecht.

Och wann d'Informatiounen sech doduerch däitlech verbessert hunn, huet de Ministère keng Bestandsopnam vun Annexe I – Habitater déi sech op Bauland am PAG befannen. Bei Erweiderungen vum PAG ginn d'Informatiounen aus dem Biotopkadaster genotzt an bei Flächen déi haut schonns am PAG sinn, gëtt mat den Informatiounen aus der Étude préparatoire geschafft. Bei Onsëcherheeten ginn am Kader vun de PAP'en, respektiv der Autorisatiounsdemande spezifesch Relevéen gefrot fir d'Situatioun "in concreto" zu deem Moment kënnen ze bewäerten. Well all Gemeng de PAG nei muss opstellen an all PAG duerch eng SUP-Prozedur musse goen, gëtt d'Präsenz vun esou Habitater hei schonns fréi thematiséiert an de Ministère schafft selwer mat dësen Informatiounen fir d'Ausschaffen vum PAG ze guidéieren, respektiv notzt déi Informatiounen dann op aneren Niveauen (z.B. PAP'en). Gläichzäiteg sensibiliséieren mir déi betraffen Gemengen duerch eis Avisën, Reuniounen, etc. iwwert d'Problematik op esou Flächen. Weiderhin ass et mëttlerweil eng akzeptéiert Praxis, dass op de neien PAG'en d'Präsenz vun Biotoper als Informatioun markéiert gëtt, esou dass domadder d'Transparenz fir d'Gemeng, d'Verwaltung, de Propriétaire an de Bierger verbessert gin ass.

Juristesch ass et esou, dass Lëtzebuerg als Land d'Obligatioun huet déi Annexe I – Habitater an een gudden Erhaalungszoustand ze bréngen. Dëst geschitt engersäits duerch d'Ausweisung vun Schutzzonen (Natura 2000 an och national Schutzgebidder) an anerersäits och duerch den Artikel 17 aus dem Naturschutzgesetz. Et sinn do an der Praxis verschidden Fäll ze ënnerscheeden.

Am Fall wou esou Habitater am PAG an gläichzäiteg innerhalb enger Natura 2000 Zone léien, wat an der Praxis opgrond vun alen PAG en vigueur kann virkommen, kritt den Habitatschutz e ganz héijen Stellewäert an et muss nogewisen gin am Kader vun enger Natura 2000 – Verträglëchkeetsprüfung, dass

den Impakt op d'Schutzzieler nët erhieflëch sin. Dobäi gëtt déi däitsch Method "Lambrecht & Trautner" mat entspriechenden Schwellewäerter benotzt. Wann déi iwwerschratt ginn, kann e Projet, no Préifung vun Alternativen, nëmmen genehmegt ginn wann "raisons impératives d'intérêt public majeur" bestinn. Natierlech wier dann eng Kompensatioun noutwenneg déi d'Kohärenz vum Natura 2000 Netzwierk muss sécherstellen.

Am Fall wou Habitater vun der Annexe I op ausgewisenem Bauland léien, ass eng Autorisatioun noutwenneg fir de Biotop ze zerstéieren an e muss kompenséiert gin, wann et nët méiglech ass de Biotop am PAP ze erhalen. An der Regel gëtt am Fall wou een europäescht geschützten Habitat verluer geet, verlaangt fir e gläichwäerteg ze ersetzen. Dat heescht en Habitat vun der Annexe I muss op mannst mat engem selwechten oder engem aneren Habitat vun der Annexe I wou "Nohuelbedarf" besteet, ersat gin.

Bei enger Neiausweisung vun Bauland am PAG déi esou een Habitat betrëfft gëtt probéiert déi Ausweisung ze verhënneren (z.B Alternativen ënnersichen,...), respektiv et muss am Eenzelfall ofgewien gin mat aneren Zilsetzungen vun enger nohalteger Raumplanung, op der Entwécklung op deem Site trotz der Präsenz vum Habitat Prioritéit ze gin ass, natierlech nëmmen wann déi entspriechend Kompensatioun kann geleescht gin.

All Verloscht vun esou Habitater, nët nëmmen duerch d'Bebauung, mä z.B och d'landwirtschaftlëch Praxis, féiert op Dauer dozou, dass Lëtzebuerg et méi schwéier kritt deen "gudden Erhaalungszoustand" ze erreechen. Och wann et planerësch grondsätzlech nët gudd ass, mä heiansdo awer nët anescht méiglech, dass Annexe I Habitater sech op Bauland befannen, esou sinn juristesch d'Méiglechkeeten ze agéieren am wesentlechen an den Artikelen 5 (Ännerung vun der Zone verte), 12 (FFH-Verträglëchkeetsprüfung) an 17 (Biotopschutz an Autorisatiounsrégime) geregelt.

Matt beschte Gréiss

Fir d' Ëmweltministesch,

Camille Gira
Staatssekretär